N°2782
Entrée le 16.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2782 vum 14. August 2025 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

*1. Op wéi eng Pilotprojeten a mat Ursprong aus wéi enge Länner huet de Gesondheetsministère sech bis elo baséiert, a wat sinn d'Conclusiounen dovunner bis haut?*

De Kontrolldokter vun der sozialer Sécherheet (CMSS) huet sech a sengen Avisen ëmmer op eng ganz Rei international Etudë baséiert. Et ass dëst e kontinuéierleche Prozess vun dem Suivi vun der medezinescher Evidenz gewiescht dee stattfonnt huet an och nach ëmmer stattfënnt. Ënner anerem sinn och déi follgend aktuellsten Etudë berécksiichtegt ginn:

- D'Review aus dem Mäerz 2021 vum *Austrian Institute for Health Technology Assessment (aihta)*
- Den Artikel vum 29. Mäerz 2022 vum *NICE (National Institute for Health and Care Excellence)*
- Déi rezent Metanalyse déi den 29. Februar 2024 veréffentlecht gouf mam Titel *Efficacy of Liposuction in the Treatment of Lipedema: A Meta-Analysis (Cureus 16(2): e55260)*

An sengen Avisen huet de CMSS sech de Conclusiounen aus de groussen Etuden ugeschloss.

*2. Ass dee besote spezialiséierte Grupp nach ëmmer aktiv? Wa jo, wou ass e mat der Analys vun der aktueller Prise en charge drun a wat sinn d'Resultater, déi bis dato konnten doraus gezu ginn?*

Nodeems den Aarbechtsgrupp den 12. Juli 2023 zesumme komm ass gouf d'Prise en Charge vun de Kompressiounskleeder vun 2 Puer op 4 Puer pro 12 Méint eropgesat. Doriwwer eraus a wéi schonn an der Fro 1 beschriwwen, ginn déi nei Etuden am Kader vun dëser Pathologie vum CMSS berécksiichtegt a sengen Avisen.

*3. Ass d'Regierung bereet, dem Beispill vun eisem däitschen Noper nozegoen a beim Lipödem eng komplett Prise en charge duerch Gesondheetskeess vun der Liposuktioun an onofhängeg vum Stadium vun der Krankheet anzeféieren? Wa jo, a wéi engem Zäitraum kéint dës Moossnam ëmgesat ginn? Wann nee, firwat net?*

An Däitschland ass d'Prise en Charge, onofhängeg vum Stadium vum Lipödem, net komplett an se ass ganz strikt encadréiert.

Ausserdeem muss erwäänt ginn, dass et an Däitschland net erlaabt wäert sinn eng zweete Kéier an der selwechter Kierper Regioun eng Lipektomie ze maachen: *„In einer bereits zuvor abschließend mit Liposuktion behandelten Region darf kein erneuter Liposuktionseingriff durchgeführt werden"*.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Et ass ervirzehiewen dat d'Prise en Charge vun dëser Pathologie zu Lëtzebuerg gutt assuréiert ass virun allem och am Verglach mat eisen Nopeschlänner, wéi zum Beispill a Frankräich an der Belsch.

Lëtzebuerg, den 15. September 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez